SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/08/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnengsbau & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Iwwert d'*Gestion locative sociale* kann e:ng Propriétär:in Wunnraum un eng Vereenegungen verlounen, déi se dann um soziale Wunnengsmaart weiderverlount. D'Vereenegung garantéiert dobäi, d'Wunneng a Stand ze halen an anzesprangen, wann de Lokatär de Loyer net méi géif bezuelen. Zu de staatlech konventionéierte Partner fir d'*Gestion locative sociale* gehéiert ënnert anerem och d'*Fondation Caritas Luxembourg Accueil et Solidarité a.s.b.l.*

Verständlecherweis veronséchert de Finanzskandal bei der *Caritas* aktuell eng Rei Persounen, déi der ASBL hier Wunneng am Kader vun enger *Gestion locative sociale* zur Verfügung gestallt hunn. D'Wunnengsbesëtzer:inne froe sech, ob d'*Caritas* ugesichts vun enger eventueller Insolvenz nach zäitno de Loyer iwwerweise géif, am Fall, wou d'Locatairen de Loyer net méi géinge bezuelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Pläng, fir sécherzestellen, dass eng Faillite vun der *Caritas* kee Verloscht vu sozialem Wunnraum mat sech brénge géif?

2. Huet d'Regierung Pläng, fir sécherzestellen, dass am Fall vun enger Faillite vun der *Caritas,* d'Konditiounen an d'Ofsécherunge vun der *Gestion locative sociale* fir déi concernéiert Lokatären a Proprietären zu all Moment bestoe bleiwen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten